N°2984
Entrée le 13.11.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Sports

**Gemeinsam Äntwert vum Sportsminister Georges Mischo an vum Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus Lex Delles op d'parlamentaresch Fro n°2984 vum 02.10.2025 vum honorabelen Deputéierten Sven Clement**

**1° Op Basis vum Tableau an der Äntwert op d'Fro n°2440 betreffend Subside fir Sportsmanifestatioune, wat fir Evenementer goufen zousätzlech vum Wirtschaftsministère respektiv vum Sportsministère finanziell oder materiell ënnerstëtzt an ewéi genau huet dëst ausgesinn?**

De Sportsministère huet keng weider Evenementer am Kader vum *Nation Branding* ënnerstëtzt.

D'Cellule Promotion de l'image de marque aus dem Wirtschaftsministère huet zanter 2023 follgend Eventer a Manifestatiounen aus alle Beräicher a Form vun engem Kofinanzement an/oder mat Material ënnerstëtzt:

| Evènements soutenus sous forme de cofinancement | 2023 | 2024 | 2025 prévisionnel |
|---|---|---|---|
| 38. GOTS Jahreskongress | 10 000 | - | - |
| 92. Deutschsprachiger Imkerkongress | - | 5 000 | - |
| ADAC Europa Classic | - | - | 5 000 |
| Biennale d'Architecture de Venise | 10 000 | - | - |
| Biennale d'Art de Venise | - | 25 000 | - |
| Biennale d'Art et de Culture Esch/Alzette | - | 10 000 | - |
| Biennale Internationale des Métiers d'Art de Luxembourg | 18 000 | - | 24 000 |
| Black History Month | - | - | 8 000 |
| World Federation of Friends of Museums | - | 12 800 | - |
| DeepTech Ventures | - | 9 455 | - |
| e-lake | - | 13 198 | 15 000 |
| Echterlive | - | - | 5 000 |
| European Design Festival | 20 000 | - | - |
| European Microfinance Week | - | - | 23 227 |
| European Olympiad of Experimental Science | - | 10 266 | - |
| European Presidents Meeting | - | - | 3 500 |
| Festival des Migrations, des Cultures et de la Citoyenneté | 10 000 | 11 500 | 4 957 |
| Fête de la Cité | 363 | - | - |
| Francofolies d'Esch/Alzette | 10 000 | 10 000 | - |
| Healthcare Week Luxembourg | 15 000 | 25 000 | 25 000 |
| ISAP World Conférence Luxembourg | 10 000 | - | - |
| Lët'z Arles - Photographie d'Arles | 25 000 | 25 000 | 25 000 |
| LOA ESCH & LOA Festival | 30 000 | 30 000 | 25 000 |
| L'Océan s'invite au Luxembourg | - | 6 000 | - |

| | | | |
|---|---|---|---|
| Luxembourg Art Week | 25 000 | 25 000 | 25 000 |
| Luxembourg City Film Festival | 23 000 | 25 000 | 25 000 |
| Luxembourg Design Festival | - | - | 8 000 |
| Luxembourg International Science Expo | - | 15 000 | 15 000 |
| Luxembourg Sustainability Forum | 10 000 | 10 000 | 10 000 |
| Luxembourg Venture Days | - | - | 25 000 |
| Nexus 2050 | - | 4 676 | - |
| Plate-Forme AWA | -0 | 4 167 | - |
| Rencontres Européennes de Luxembourg | 2 500 | - | 2 000 |
| Siren's Call Culture & Music Festival | 15 000 | 20 000 | - |
| Unicareers | - | 10 000 | 15 000 |
| Zonta International District 27 Conférence | 2 059 | - | - |

| **Evènements soutenus sous forme de matériel** | **2023** | **2024** | **2025 prévisionnel** |
|---|---|---|---|
| Skoda Tour de Luxembourg | 6 850 | 2 546 | 3 526 |
| Cyclosportive Charly Gaul | 1 041 | 663 | - |
| Flèche du Sud | 1 251 | 1 595 | 1 514 |
| European Championships in Acrobatic Gymnastics | - | - | 4 803 |
| 6 Tickets 2 Paris | - | 1 840 | - |
| Luxembourg Ladies Tennis Masters | 2 699 | 2 311 | 1 431 |
| Schleck Gran Fondo | 13 591 | 9 648 | 11 237 |
| ITF Kyotec Open | 1 899 | 1 776 | 1 786 |
| Yonex Luxembourg Open | 1 970 | 1 538 | 1 396 |
| CMCM Indoor Meeting | - | - | - |
| Euro Meet | - | 2 246 | 2 266 |
| WTT Youth Contender | - | 1 165 | 1 711 |
| BMX European Championships Freestyle Flatland | - | 326 | - |
| ING Night Marathon | - | - | 5 850 |
| Special Olympics Luxembourg (ALPAPS) | 725 | 958 | 701 |
| Comité Olympique et Sportif Luxembourgeois (COSL) | 3 579 | 1 608 | 1 807 |
| Fédération Luxembourgeoise de Badminton (FELUBA) | 413 | - | - |
| Fédération Luxembourgeoise de Basketball (FLBB) | 303 | 724 | 2 306 |
| Fédération Luxembourgeoise de Golf (FLG) | - | 606 | - |
| Fédération Luxembourgeoise de Gymnastique (FLGym) | 318 | 1 200 | 1 060 |
| Fédération Luxembourgeoise de Tennis (FLT) | 4 468 | 694 | 524 |
| Fédération Luxembourgeoise de Triathlon (FLTRI) | - | 1 133 | 896 |
| Fédération Luxembourgeoise de Handball (FLH) | 600 | 1 082 | 134 |
| Fédération Luxembourgeoise de Volleyball (FLVB) | 1 622 | 488 | 315 |
| Fédération du Sport Cycliste Luxembourgeois (FSCL) | 1 063 | - | 804 |
| Luxembourg Taekwondo Federation (LTF) | 1 252 | 1 443 | 1 731 |
| Luxembourg Paralympic Committee (LPC) | 813 | 1 224 | 1 091 |
| CLAE - Festival des migrations | 1 827 | 640 | 126 |
| Filmakademie-Fédération EU des Académies de Cinéma | - | 513 | - |

| | | | |
|---|---|---|---|
| e-lake | - | 1 167 | 551 |
| Eurofestival | - | 1 699 | - |
| Lët'z Arles | 161 | 671 | 365 |
| LOA | 1 125 | 1 148 | 1 873 |
| Luxembourg Art Week | 835 | 3 197 | en cours |
| Luxembourg City Film Festival | 2 417 | 1 427 | 1 731 |
| RTL - ESC | - | - | 689 |
| Commission européene - Europe Day | - | - | 734 |
| Conférence diplomatique | - | 1 391 | 225 |
| European Student Championship in Forestry Skills | 245 | 213 | 254 |
| European Youth Parliament (EYP) | 1 034 | 848 | - |
| FJSL - Luxembourg International Science Expo (LISE) | 435 | 1 447 | 1 662 |
| FJSL - Nationale Jonk Fuerscher Contest | 485 | 252 | 700 |
| Foire agricole | - | - | 1 332 |
| 38. GOTS Jahreskongress | 6 084 | - | - |
| GPS - Jahrestagung Kindersportmedizin | - | - | 2 147 |
| Hamradio | 742 | 738 | 588 |
| Healthcare Week | 1 090 | - | - |
| HRS - Salons d'orientation étudiants en médecine | 828 | 427 | 248 |
| IASP World Conference | 1 192 | - | - |
| Journée Portes ouvertes des Institutions de l'UE | - | 1 577 | 1 998 |
| KISC - Scouts | 666 | - | - |
| Visite des UN Ambassadeurs pour la candidature UNESCO | - | - | 780 |
| LNS - 13th ISNS European regional meeting | - | - | 1 292 |
| MAE - Réunion européenne des étudiants luxembourgeois | - | - | 968 |
| MiFa - Journée d'orientation | 1 278 | 1 518 | 1 480 |
| Ministère de la Justice - Egmont Group Plenary | - | - | 1 369 |
| Ministère de la Justice - Groupe de travail du GAFI | - | - | 1 450 |
| Ministère du Travail - Global Government Summit | - | - | 1 684 |
| Nexus | - | 4 153 | 1 142 |
| Rencontres européennes de Luxembourg | 954 | - | 164 |
| SCRIPT - EuroSkills | - | - | 1 412 |
| SPECQUE | 1 292 | - | - |
| Transatlantic Dialogue | - | 1 003 | - |
| Unicareers | - | 1 134 | - |
| Venture Days | - | 1 984 | en cours |
| World Scout Jamboree | 6 780 | - | - |
| Zonta International | 2 066 | - | - |
| Autres évènements de moindre envergure | 23 596 | 27 637 | 23 593 |

**2° Wéi sinn d'Krittäre fir esou eng Hëllef vum Wirtschafts- respektiv vum Sportsministère ze kréie? Wat ass déi legal a reglementaresch Basis dovunner?**

Krittäre fir esou eng Hëllef vum Sportsministère am Kader vum *Nation Branding* ze kréien si follgend:

- Televisiounspresenz an national/international Iwwerdroung;
- Medial Ofdeckung (national/international);
- Präsenz a Reaktioun op de soziale Medien;
- Sportlech Qualitéit vum Evenement;
- Dauer a Reegelméissegkeet vun der Organisatioun.

Partenariat-Demanden, déi un d'Cellule Promotion de l'image de marque am Wirtschaftsministère geriicht ginn, fir eng materiell oder finanziell Ënnerstëtzung ze kréien, ginn op Basis vun der Prozedur fir Partenariater ausgewäert. Follgend Krittären si virgesinn :

- De Projet muss eng grouss international Visibilitéit hunn an als Zil, d'Wäerter an d'Gesiichter vu Lëtzebuerg bekannt ze maachen an/oder de Lëtzebuerger Knowhow ze valoriséieren;
- De Projet soll net virun allem drop aus sinn, e Produkt, e Service, eng Entreprise oder eng Mark ze promovéieren;
- De Projet muss sech an déi dräi prioritär Theme vu Lëtzebuerg aschreiwen: Kreativitéit, Diversitéit an d'Nohaltegkeet;
- De Projet muss relevant a sengem Secteur sinn a vun engem ëffentlechen Acteur ënnerstëtzt ginn;
- D'Demande fir finanziell an/oder materiell Ënnerstëtzung mussen an de virgesinnen Delaien iwwert den Internetsite www.lmih.lu agereecht ginn.

Zousätzlech muss all finanziell Ënnerstëtzung:

- un d'Kommunikatiounskäschte vum Event affektéiert ginn, fir domadder d'Visibilitéit vu Lëtzebuerg ze erhéijen,
- de positiven Avis vum "Conseil Partenariats", an deem Memberen aus alle Promotiounsberäicher vertruede sinn, kréien.

Den *Nation Branding* ass Deel vun der nationaler Strategie "Luxembourg – Let's make it happen" fir d'Bild vum Land am Ausland ze fërderen, déi transversal vun der Regierung gesteiert gëtt.

**3° Gëtt et weiderhin eng Ënnerstëtzung vum Wirtschaftsministère fir d'Organisateure vu groussen Eventer, wann dës eng gewëssen Unzuel un Iwwernuechtungen zu Lëtzebuerg mat sech bréngen? Wa jo, wéi genau sinn dës Konditiounen a wat fir Organisatioune goufen an deem Kontext an de Joren 2024 an 2025 bis elo ënnerstëtzt a mat wéi vill?**

D'Instrument vum Wirtschaftsministère fir Federatiounen a Sportsclibb (ASBLen) bei internationale Sportsmanifestatiounen finanziell ze ënnerstëtzen gëtt am Interessi vum nationalen Tourismus an der Wirtschaft ëmgesat, et soll:

- d'Organisatioun vu Manifestatiounen zu Lëtzebuerg encouragéieren;
- doduerch zu der Promotioun an der Visibilitéit vu Lëtzebuerg am Ausland bäidroen;
- lokal wirtschaftlech Auswierkungen, zum Beispill op den Horeca-Secteur, multiplizéieren.

D'Konditioun fir esou eng Subventioun ass, datt d'Manifestatioun zu Lëtzebuerg stattfënnt an e Minimum vun 300 Iwwernuechtunge vu Participanten, déi keng Zuschauer sinn, an enger Lëtzebuerger Hebergementsstruktur mat sech bréngt. Et handelt sech hei ëm Iwwernuechtungen vun, zum Beispill, den Delegatiounen, dem Organisatiounscomité, an der Press. D'Spectateuren ginn net matgezielt. Eng Ufro mat all de néidegen Informatiounen zu der Manifestatioun muss spéitstens 6 Wochen am Viraus agereecht ginn.

Déi méiglech Bäihëllef gëtt pro Iwwernuechtung berechent an de genaue Montant gëtt op Basis vun engem zertifizéierten Decompte vun den Iwwernuechtungen no der Manifestatioun berechent. Ab 300 Iwwernuechtunge ginn et 15 Euro pro Iwwernuechtung, tëschent 400 a 499 Iwwernuechtunge ginn et 20 Euro pro Iwwernuechtung an ab 500 Iwwernuechtunge 25 Euro pro Iwwernuechtung, mat engem maximale Montant vu 25.000 Euro. Op Guichet.lu ass eng detailléiert Beschreiwung vun der Démarche fir dës Subventioun a vun de verschiddene Krittären[1].

Sportsevenementer fir déi 2024 esou eng Subventioun ausbezuelt gouf:

| Manifestatioun | Numm vun der Federatioun / Sportsclub | Montant vun der ausbezuelter Subventioun an Euro |
|---|---|---|
| Luxembourg Open | Fédération luxembourgeoise de Gymnastique | **11.150** |
| Yonex Luxembourg Open | Feluba | **25.000** |
| World Table Tennis Youth Contender | Fédération luxembourgeoise de tennis de table | **25.000** |
| LuxOpen 2024 | Luxembourg Taekwondo Federation | **25.000** |
| CEV Volleyball European League 2024 | Fédération luxembourgeoise de Volleyball | **12.075** |
| 2024 European Senior Men's and Ladies Championships | Fédération luxembourgeoise de Golf | **6.650** |
| ITF TE U14 | Fédération luxembourgeoise de Tennis | **4.250** |
| Powerlifting & Weightlifting Championships Luxembourg | Powerlifting & Weightlifting Federation Luxembourg | **25.000** |

[1] https://guichet.public.lu/fr/entreprises/financement-aides/secteurs-activites/tourisme/activite-interet-tourisme-national/aide-organisation-manifestation-sport.html

| | | |
|---|---|---|
| Six tickets to Paris | Fédération luxembourgeoise d'escrime | **16.675** |
| Lion Cup | Karate Club Strassen | **25.000** |

Sportsevenementer fir déi 2025 (Stand 13. Oktober 2025) eng Subventioun ausbezuelt gouf :

| **Manifestatioun** | **Numm vun der Federatioun / Sportsclub** | **Montant vun der ausbezuelter Subventioun an Euro** |
|---|---|---|
| Women's Champions League | Racing Football Club Union | **7.500** |
| RIAC | Fédération luxembourgeoise de tir aux armes sportives | **16.325** |
| Championnat d'Europe de Gymnastique Acrobatique | Fédération luxembourgeoise de gymnastique | **25.000** |
| European University CUP Pow Classic | Fédération luxembourgeoise de Powerlifting | **15.200** |
| Luxembourg Open | Fédération luxembourgeoise de gymnastique | **9.280** |
| Novotel Cup | Fédération luxembourgeoise de Volleyball | **8.040** |
| CMCM Indoor Meeting | Fédération luxembourgeoise d'Athlétisme | **4.680** |
| CMCM Euro Meet | Fédération luxembourgeoise de Natation et Sauvetage | **25.000** |
| Manifestatiounen fir déi d'Organisateuren nach keen Décompte agereecht hunn : | | |
| European Small Nations Classic Tournamanet | Fédération luxembourgeoise de Powerlifting | - |
| Lion Cup | Karate Club Strassen | - |
| Yonex Tournament Luxembourg Open | Fédération luxembourgeoise de Badminton | - |
| World Table Tennis Youth Contender | Fédération luxembourgeoise de Tennis de Table | - |
| CEV Volleyball Silver League 2025 Men & Women | Fédération luxembourgeoise de Volleyball | - |
| Eislek Gravel | Fédération luxembourgeoise du sport cycliste | - |
| ITF Tennis Europe U14 Small States 2025 | Fédération luxembourgeoise de Tennis | - |

| | | |
|---|---|---|
| LuxOpen 2025 | Fédération luxembourgeoise de Taekwondo | - |
| Flèche du Sud | Velos-Union Esch | - |

**4° Laut der Äntwert op d'Fro n° 2440 huet de Sportsministère am 1. Trimester 2025 eng Evaluatioun vun de Partenariater am Beräich vum Sport gemaach. Kann de Sportminister Detailer vun döser Evaluatioun op Basis vun den Eventer, déi 2024 an 2025 finanziell ënnerstëtzt gi sinn, ginn?**

Jo, dës Evaluatioun ass gemaach ginn. Wei schonns an den Äntwerten op Froen n° 1231 an n° 2440 beschriwwen, geet des Evaluatioun all Joer duerchgefouert . All Sportsmanifestatioun, déi am Kader vum *Nation Branding* mat engem Subsid vum Sportsministère ënnerstëtzt gëtt, ënnerleeft enger Evaluatioun vun der internationaler Visibilitéit, souwuel viru wéi no der Manifestatioun, a baséiert op Donnéeën déi vun den Organisateuren zur Verfügung gestallt ginn, eegene Recherchen an Analysen déi vu sougenanntem social listening a media Monitoring Outile gemaach ginn a baséiert op déi uewen opgezielte Krittären.

Op Grond vun döser Evaluatioun ginn Evenementer dann a verschidde Kategorien agedeelt an den Betrag vum jeeweilege Subside geet da festgeluecht.

**5° Kann de Minister e Ranking vun döse Sportsmanifestatiounen no der Analys vum sougenannten „Social listening a Media monitoring"-Outile produzéieren, déi de Sportsministère jo benotzt?**

De Klassement kann een indirekt aus der Héicht vum Subsid ofleeden.

**6° No wat fir enge Krittäre ginn nei Eventer finanziell ënnerstëtzt wann et nach keng Evaluatioun konnt ginn?**

Och fir nei Eventer gëtt eng Evaluatioun gemaach ier se eng finanziell Ënnerstëtzung am Kader vum *Nation Branding* kréien.

**7° Ginn verschidde Sportsevenementer och iwwert aner Budgetsartikelen finanziell ënnerstëtzt? Wann jo, wéi genau gesäit dat am Detail aus an ëm wat fir eng Budgetsartikelen handelt et sech hei?**

Sportsevenementer kënne nieft dem *Nation Branding* eventuell duerch en extraordinäre Subsid ënnerstëtzt ginn. Dëst geschitt iwwert de Budgetsartikel 18.00.33.010..

**8° Firwat ass déi finanziell Ënnerstëtzung vum Ladies Tennis Masters fir d'Joer 2025 méi héich wéi déi am Joer 2024?**

D'Eropsetze vun deem Subsid wor d'Konsequenz vun engem erweidertem Promotiounspotenzial vum Ladies Tennis Masters fir d'Joer 2025.

**9° Am Budget vum Joer 2025 sinn 950.000 € virgesi fir den nation branding am Beräich vum Sport. Wéi vill Sue goufen am Joer 2025 bis elo op deem entspriechenden Artikel engagéiert? Sinn am Joer 2025 nach weider Eventer en vue, déi finanziell ënnerstëtzt kéinte ginn?**
Insgesamt sinn 922.000 € fir 2025 op de Budgetsartikel fir *Nation Branding* engagéiert ginn. Et si keng weider Eventer virgesinn.

**10° Laut der Äntwert op d'Fro n°2440 huet de Sportminister d'Futtballsfederatioun invitéiert, déi schonn ausbezuelten 20.000€ fir de nation branding ze remboursséieren.**

- **Ass dest an Zwëschenzait scho geschitt?**
  Jo, dat ass entretemps geschitt.
- **Ass esou ee Remboursement an der Konventioun mat enger Sportfederatioun virgesinn?**
  Op Basis vum Artikel 5 vun der Konventioun gouf dës gekënnegt an de Montant zeréck gefrot.
- **Ass dem Sportminister opgefall, dass am Kader vun den 2 Qualifikatiounsmatcher vun der Lëtzebuerger Nationalekipp am Stade de Luxembourg trotzdeem Reklamm fir den nation branding gemaach ginn ass? Wat seet de Minister dozou?**
  Dem Sportsminister ass dat net bewosst opgefall.

**11° Am Joer 2023 gouf d'Sportspress Awards Night mat 5.000€ ënnerstëtzt. Firwat war dat 2024 an 2025 net méi de Fall? Huet de Sportsministère sech hei op eng aner Manéier bedeelegt? Wa jo, wéi genau a wéi héich an op Basis vu wat fir engem Budgetsartikel?**
2024 an 2025 si jeeweils 7.500 EUR iwwert de Budgetsartikel 12.140 "communication, médias sociaux et campagne" a Budgetskont "dons courants, sponsoring" bezuelt ginn.

**Lëtzebuerg, den 10.11.2025**
De Sportsminister
(s.) Georges Mischo